

INFORMATIOUN : Europäesche Jamboree ass op 2021 verréckelt ginn

DATUM : 08.04.2020

Moie léif Guiden a Scoute,

Déi polnesch Organisatioun vum Europäesche Jamboree, a Coopératioun mat den zwee europäesche Bureau'en vu WOSM a WAGGGS, huet wéinst der COVID-19-Kris decidéiert **den Europäesche Jamboree op den 2. bis den 13. August 2021 ze verréckele**. Dës schwiereg Decisioun gouf als Moosnam fir d'COVID-19-Pandemie ze stoppen, geholl. Wann dës schwiereg Entscheidung am aktuelle Kontext inevitabel war, ass se net manner enttäuschend a frustréierend.

Hei fann dir nach den **offizielle Communiqué vun der Organisatioun aus Polen**: <https://ej2020.org/european-jamboree-2020-rescheduled-to-summer-2021/>

D'Organisateuren hunn elo vill ëmzeplangen an z'entscheede, esou dass eis och nach vill Infoe feelen. Mir hunn iech hei awer schonn éischt Äntwerten op Froe geschriwwen déi dir iech stelle kéint:

Wat ännert am Numm an an den Datumer vum Jamboree?

Den Jamboree behält säi Numm "European Jamboree 2020", ganz ähnlech ewéi d'Olympesch Spiller oder d'Europäesch Fussballmeeschterschaft. Hei ass de neie Campplang:

- 2. August 2021 - Arrivée vun de Participante
- 3. August 2021 - Erëffnungszereemonie
- 12. August 2021 - Ofschlosszereemonie
- 13. August 2021 - Départ vun de Participante

D'IST sollen virum Jamboree do sinn, also den 31. Juli, an den 14. August 2021 d'Campplaz verloossen.

Wéi al mussen Participanten um Eurojamboree sinn?

Des Fro muss an den nächste Woche vun den Organisateur gekläert ginn.

Sinn ech nach ëmmer ugemellt?

Jo, all Mënsch deen sech vir den Jamboree 2020 a Polen ugemellt huet, ass och fir den Jamboree 2021 a Polen ugemellt (virausgesat d'Alterskategorie fir Participante gi geännert).

Ännert elo fir mech de Präis ?

Mir kucke de Moment iwver eis finanziell Situatioun. All Payementer déi dir bis elo gemaach hutt, si gültig fir är Participatioun um Jamboree 2021. De Präis vum Camp, dee vun de Polen festgeluecht gouf, bleift onverännert (Deel vun der Participatioun um Camp). Allerdéngs kann de Gesamtpräis vum Kontingent e bëssen anescht ginn wéi dat bis elo ugekënnegt wor, ofhängeg vun den Operatiounskäschte vum Kontingent (Transport, Virbereedungs-Weekend, Mechandising, asw.), Déi Variabele kënnen jee no verschiddene Konditiounen änneren (neier Unzuel u Participanten, Inflatoun, asw.).

Soll ech den drëtten Acompte dann elo bezuelen?

Nee, den drëtten Acompte wäerte mir zu engem spéidere Moment erfroen.



Wat geschitt mat mengem Merchandising?

All d'Reservatioune vun extra Merchandising bleiwen bestoen. Däi Material kriss de dann fir den Jamboree 2021 an do hues de och nach d'Chance weider Material dobäi ze huelen. Wann's de dech elo ganz ofmells kriss du däi Geld vun dem extra Merchandising zeréck (du kanns dech awer dofir entscheeden, zum Beispill, 1 Foulard ze bezuelen, fir dësen als klenge Trouscht ze halen).

Ech sinn IST an hu scho meng Rees eegestänneg gebucht, an elo?

Als IST konnts du deng Rees eegestänneg organiséieren an dowéinst muss de och selwer kucken dës ofzesoen. Fro emol bei denger Reesagence no wéi bei hinne d'Remboursementer wéinst Ofsoen an Zesammenhang mam COVID-19 ausgesinn.

Kann ech mech ofmellen?

Och d'Infoen, wéi et elo mat der Ofmeldung geet sinn nach vum Organisationsteam net ganz gekläert, dofir bieden mir iech bis Enn Abrëll ze waarden. Wann's du allerdéngs elo scho weess dass du sécher net kanns matgoen da schreif eis eng Mail op ej2020@sil.lu a setz d' Kontaktpersoun vun dengem Grupp a Kopie.

Kréien ech meng Suen erëm wann ech mech elo ofmellen?

Zu dësem Zäitpunkt kënt dir e partielle Remboursement vun äre Frais'en kréien. Dir kritt d'Suen zeréck déi fir d'Funktionéiere vum Lëtzebuurger Kontingent geduecht waren (Transport, Preparatiounsweekend, Merchandising,...), allerdéngs kenne mir am Moment net soen ob d'Suen déi u Polen gaange sinn och rembourséiert kenne ginn (+/- 270 Euro vir Participant a Chef a +/- 130 vir IST a CMT). Mir waarden do nach op weider Infoe vun den Organisateuren. Duerfir géinge mir iech bieden, iech nach bis Enn Abrëll ze gedéllegen, ier dir eng Entscheidung trefft.

Mäi beschte Kolleg well 2021 och um Camp deelhuele, ass bis elo awer nach net ugemellt?

Et komme warscheinlech nach eng Kéier ganz nei Umeldungen eraus, och do waarde mir op weider Infoe vun den Organisateuren ier mir déi lancéieren.

Mir zielen op är Gedold an äert Versteesdemech. Eise CMT selwer gëtt duerch Benevole-Scouten geleet, déi och Zäit brauchen fir dës Re-Organisation vum Jamboree ze koordinéieren. Ausserdeem hoffe mir dass et iech an äre Famill gutt geet an dir gesond sidd.

Mir hoffe dass dir 2021 all dobäi sidd, fir dass mir dann all zesumme dës eenzegaartegt Erfahrung erliewen kënnen.

Bei weidere Froen kennt dir iech natierlech gären un eis wenden : ej2020@sil.lu

Léif Guiden- a Scoutsgréiss,

« TIME TO ACT ! »

Äeren CMT,
Luxembourg Contingent - European Jamboree 2020
Scouting in Luxembourg

